Rapport iwwer d'<u>Jores-Generalversammlung</u> vun de Lampertsbierger Geschichtsfrënn a.s.b.l. vum 8. Mäerz 2020 am Foyer vum Centre Culturel am Alen Tramsschapp

<u>Generalversammlung:</u>

1. Usprooch vum President Anicet SCHMIT

De President Anicet Schmit seet sengem Comité, de Veräinsmemberen souwéi alle Leit déi de Veräin wärend dem leschte Joer ënnerstëtzt hunn, villmools Merci. E besonnesche Merci geet un d'Keefer vun eisem Buch dat mëttlerweil vergraff ass.

2. Tätegkeetsbericht vun den Veräinsaktivitéiten vum Joer 2019 duerch de Sekretär David DOMINGUEZ MULLER

a) Insgesamt koumen d'Comitésmemberen fir **6 Sëtzungen** zesummen.

b) No den Tables rondes/Uuchten an de Joren 2016 2017 an 2018, gouf och d'lescht Joer (<u>17. Mäerz</u>), am Uschloss op eis Generalversammlung op eng **4. Ronn mat interessante Gespréichspartner** invitéiert fir iwwert de Lampertsbierg vu fréier an haut ze diskutéieren. Erliefnesser, Spiichten an Anekdoten déi sech um Lampertsbierg ofgespillt hunn stoungen och déi Kéier um Programm. Matgewierkt hunn de Pe'l Schlechter, de Jean-Jacques Kasel, de Léon Doemer, de Max Kuborn, Mmes Piazza. D'Moderatioun gouf vum Anicet Schmit assuréiert.

c) De <u>4. Mee</u> hu mir fir eis Memberen e **Rondgang mam Robert L. Philippart iwwert de Niklooskierfecht** organiséiert.

d) De <u>7. Juni</u> haten de President an de Sekretär eng **Entrevue am Kulturministère** mat der Ministesch Tanson fir iwwert d'Situatioun an der Jhang de Blannen-Strooss an de verschampeléierten Haiser ze diskutéieren.

e) Eisen **traditionelle Floumaart** (<u>13. Oktober</u> 2019) war trotz dem schéine Wieder erëm gutt besicht. Am Virfeld sinn erëm Dausende vu Flyeren iwwert de ganze Lampertsbierg *à toutes boîtes* verdeelt ginn.

f) Nodeems den 11. Dezember 2018 eist Buch offiziell virgestallt gouf, ass sech intensiv ëm de Verkaf gekëmmert ginn, Verkaf dee mir selwer als Veräin an d'Hand geholl hunn. Vill Stonnen goufen och iwwert d'Joer 2019 dermat verbruecht fir d'Leit ze emfänken déi Bicher bestallt haten a mat hinnen an d'Gespréich ze kommen. Den Anicet an d'Mado hunn heibäi vill Zäit investéiert. Mir waren och e puer Mol um Radio (100komma7 an RTL) fir eist Buch virzestellen a Reklamm ze maachen.

g) Et gouf och schonn ugefaangen un eisem zweete Buch ze schaffen: et gouf eng Struktur opgestallt, mir hunn mat Recherchen ugefaangen an Leit gefrot eis deen oder aneren Artikel zu engem bestëmmte Sujet ze schreiwen.

h) Eisen Archiv gouf erweidert, sief et mat Fotosmaterial, Dokumenter oder Publikatiounen déi mir um Internet, op Fléimäert, Bichermäert kaf hunn, awer och vun Leit zur Verfügung gestallt kruten.

3. **Entlaaschtung vum Sekretär**

4. **Bericht vum Trésorier Sergio DI PAOLI iwwert d'Finanzsituatioun vum Veräin**

   D'Finanzen vum Veräin weisen en Iwwerschoss op.

5. **Bericht vum Keesserevisor**

6. **Entlaaschtung vum Trésorier**

7. **Entlaaschtung vum Virstand**

8. **Festsetzen vun der Kotisatioun vun 2021 (min. 5€ - max. 50€)**

   Um Niveau vun der Kotisatioun ännert sech deemno näischt

9. **Nominatioun vun de Keesserevisoren fir den Exercice 2020**

10. **Organisatioun vum Exercice 2020**

    11. Oktober 2020: Floumaart

11. **Haushaltsvirschlag fir den Exercice 2020**

12. **Verschiddenes a fräi Aussprooch**

D'Zesummesetzung vum Comité:

President:	Anicet SCHMIT
Sekretär:	David DOMINGUEZ MULLER
Trésorier:	Sergio DI PAOLI
Archivist:	Christian JUNCK
Memberen:	Sonja RODESCH-BARTHELEMY
	Mado SCHMIT-GOEDERT
	Carlo WELFRING
	Liz RODESCH

Luxembourg, le 19 mars 2020